N°4175
Entrée le 03.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.06.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 3 Juni 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an d'Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz weiderzeleeden:

„ D'Handelsofkommes tëschent der EU an de MERCOSUR Länner ass no 25 Joer Verhandlungen Ufank Mee virleefeg a Kraaft getrueden. Rezent koum awer schon d'Nouvelle datt ab September kee Fleesch méi aus Brasilien soll an d'EU kommen, dat well d'Land sech net un d'Reegelunge bei der Antibiotik Resistenz hält.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an der Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz follgend Froe stellen:

- Wei bewäert d'Lëtzebuerger Regierung der EU-Kommissioun hir Decisioun Fleeschimporter aus Brasilien ab September ze stoppen?
- Aus wéi enge Grënn huet d'EU Kommissioun decidéiert Fleeschimporter aus Brasilien auszesetzen? Hunn di rezent verhandelt *Safeguarding clauses* hei eng Roll gespillt?
- Wéi eng zousätzlech Mesuren si geplangt fir d'Anhale vun den EU Normen ze garantéieren?
- Wéi vill Kontrollen si bis elo vu lëtzebuergeschen Autoritéite bei Importer aus de MERCOSUR Länner gemaach gi säit den Accord virleefeg a Kraaft getrueden ass? "

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS
Deputéierten